# Jugendkommissioun an Trainerteam Versammlung
# 15. Januar 2023

*Présent: Mireille, Jean-Paul, Margot, Alain, Sandy, Mandy, Chris, Andre, Mil*

**Organisatioun Sprint**

- De Programm ass gemeet. Am Unhang ass eis Opdeelung wien um Sprint fir waat Responsabel ass.
- Eis Spiller(innen) spillen an hieren Kategorien zesummen, zielen aver weiblech a männlech getrennt. Mir hun en Testsprint am Dezember 2022 ausgespillt an jidereen wees wei gespillt gett.
- Spiller(innen) an Eltren kruuten en Bréif mam Programm an Erklärungen zum Sprint an iwwert Tenu korrekt. Spiller dei an engem Verain spillen mussen an Verainsuniform untrieden an Spiller dei zu kengem Verain geheieren mussen an enger schwarzer Box/Jupp + Sportstrikot + waiss Stremp+ Keeleschlappen untrieden. TKJ passt mat op dass Sie och korrekt ugedoen sin fir op Siegereierung.
- Fotoen vun de Siegereierungen fir FLQ maachen mir weiblech an männlech getrennt, d´Heemecht loossen mir aver pro Kategorie weibl. an männl. zesummen spillen.
- Et ass decideiert ginn dass Spiller(innen) als Sportler eleng op den offiziellen Fotoen kommen an noo deenen jeweils 2 Siegereierungen gett eng Gruppenfoto gemaach vun de Spiller, TKJ an Coachen all zesummen.
- Mireille an Margot hunn sech em Medaillen gekemmert an sin färdeg.
- Mir brauchen d´Anlaag + CD + Micro fir di 2 Siegeierungen.
  Mireille freet noo um Büro op daat klappt.
- Mireille feliciteiert d´Spiller(innen) um Podium an hellt all keiers e Kand mat als Begleedung fir Medaillen op engem Kessen ze droen.
- TKJ geing et gutt fannen wann de Jean-Marc als Präsident vun der TKS keint Präsentation vun de Platzeierungen maachen. Daat wier fir d´Kanner eppes extras an grousses. Jean-Marc haat schon ugedeit dass hien daat keint iwwerhuelen wann mir daat wellen. Reihenfolg: Et soll vum 3. zum 1. geeiert gin.
- Während der Siegereierung kritt eisen Schiedsrichter och Merci gesoot mat engem Kado vum Mireille.
- Et gett eng Tombola gemaach. Spiller bedeelegen sech mat an den Erléis kennt an d´Jugendkees.

**Sportlechen Deel**

- Jugend WM zu Düsseldorf ass vum 2.-6. August 2023. FLQ huet nach keng Infos vun der NBS wei d´WM gespillt gett an weivill Startplaatzen pro Disziplin mir als Land kreien. Doduerch kann den CA eis jo nach net matdeelen weivill Spiller(innen) mir dierfen mat op WM huelen.
- Traineren hun zesummen en Nationalkader fir d´Qualifikatioun opgesaat fir d´Spiller op d´WM getrennt virzebereeden anhand vun 1 mol de Mount Kadertraining vun Februar bis Juli 2023 zu Peiteng Sonndes Mettes iwwert 3 Stonnen vun 14.oo-17.oo.
- Mir gin de Spiller den Mount Abrell als Stechdatum fir di definitif Nominatioun vun de Spiller dei mat op WM gin, fir dass Sie sech och kennen drop virbereeden, resp.

hieren Congé op der Arbescht ufroen. Mir hoffen dass bis dohin vun der NBS hierer Sait ganz genau kloer ass wei eng Disziplinnen gespillt ginn an weivill Startplaatzen mir hun.

- Am Abrell plangen mir eisen Retourmätch vun eiser Jugendnationalequipe ze spillen geint SKV Treier op den Bunnen zu Treier. Mandy huet 2 Datumer beim Andrea ugefroot. Mir waarden nach op eng definitif Äntwert.
- De Chris huet Kontakter zu Düsseldorf am Verain an reserveiert eis een Weekend Samschdeg an Sonndeg Bunnen fir en Kadertraining mat Iwwernuechtung zu Düsseldorf am Juli 2-3 Wochen virun der WM. Hien freet och noo wei en Hotel fir eis am bäschten wier fir daat ze buchen iwwert Booking sou dass mir storneieren kennen noo der Nominatioun vun de Spiller.
- Mandy huet Datumer vun Jugendtraininger mam Domenica zu Schlenner bis Enn vun der Saison festgeluecht. Am Abrell steet nach een Datum op well Schlenner flait den Daag virdrun Finanzturneier hun. Domenica seet eis nach bescheed.
- Mir hun provisoresch en Jugendterminkalenner (am Unhang) fir 2023 präpareiert bis de Rescht vun der Saison. Et stin nach verschidden Punkten op, Ännerungen sin nach meiglech aus dem Grond well och nach Terminer an Daitschland net feststin wou eis Junioren an Traineren och deelhuelen.

**<u>Demande un den CA</u>**

- TKJ huet eenstemmeg oofgestemmt fir den Tom Hoffmann mat an TKJ eranzehuelen. Hien huet eis bis elo schon vill gehollef an berooden am Hannergrond waat Flyeren, Werbung, Reklamm an Sozial Medien ugeet. Hien huet der TKJ proposeiert fir neutralen Member ze gin fir offiziell zu deenen Momenter an de Asatz ze kommen wann et em Flyeren an Press geet.
  Mir brauchen dofir aver nach eng Validatioun vum CA.
- TKJ bedauert dass op Siegereierungen vun Landesmeeschterschaften just Medaillen dierfen ausgedeelt gin an keng Diplomer. Fir Kanner an Jugendlecher ass di direkt Unerkennung vun hieren Erfolleg wichteg anhand vun engem zousätzlechen Diplom. Wann Sie daat reischt um Kongress kreien ass et 7 Meint mei speit an netmei sou aktuell. Beim DSKB an NBS international gin Diplomer och emmer direkt verdeelt op der Siegereierung no der Final.
  Fro un den CA daat evtl. ze iwwerdenken op een daat an Zukunft keint aanescht maachen waat eisen Sport och mei attraktiv geing no baussen bei de Kanner an Jonker maachen.